



JOURNEE OUTDOOR Jeunesse



21.10.2021



08:30 - 18:00



Centre SNJ Marienthal





Programm

Virträg

08.30 - 09.00	Wëllkomm
09.00 - 09.30	Dieren op - Den Erfahrungsräichtum vum Dobaussen! Alioune B. Touré
09.30 - 10.00	Dobaussen « sécher » aktiv ! Philippe Schleich
10.00 - 10.30	Die Draussenseiter : D'Jugend als vernoléissegte Zilgrupp vun der Natur- an Ëmweltbildung Michel Grevis
10.30 - 10.45	Froeronn
10.45 - 11.00	Paus
11.00 - 11.30	Teilnahme oder Teilhabe? Carmen Graff & Martijn de Munnik
11.30 - 12.00	Projet Outdoor Camp Corinne Lentzen & Kris Clees
12.00 - 12.15	Froeronn
12.15 - 13.15	Mëttespaus
13.15 - 13.30	Transport (fir Huelmes-Workshops)

Workshops

13.30 - 15.30	Workshop A
15.30 - 15.45	Workshop-Wiessel
15.45 - 17.45	Workshop B
17.45 - 18.00	Ofschloss



Virträg



Dieren op – Den Erfahrungsraum vum Dobaussen!

Alioune B. Touré

Psychologue - CePAS

Jonk Leit dozou ze kréien, fir méi Zäit dobaussen ze verbréngen, grad elo während enger Pandemie, ass a bleift eng grouss Erausforderung fir Jugendarbechter/innen.

Kënnen Outdooraktivitéiten dozou genotzt ginn, fir den Erfahrungshorizont vu Jonken ze erweidern? D'Aktivéierung vun eegene Ressourcen hëlleft Jonker ze motivéieren, fir vu sech aus am Alldag méi Zäit dobaussen ze verbréngen.

Dobaussen « sécher » aktiv !

Philippe Schleich

Responsable programmes éducatifs
Centre SNJ Marienthal

Dir wëllt mat engem Grupp vu Jonken erausgoe fir hinnen Erfahrungen aus dem Outdoorberäich weiderzeginn? U wat misst dir am Virfeld denken, fir gutt preparéiert ze sinn? Wéi kënnt dir geféierlech Situatiounen dobausse vermeiden?

Die Draussenseiter – D'Jugend als vernoléisst Zilgrupp vun der Natur- an Ëmweltbildung

Michel Grevis

Natur- an Ëmweltpedagog

Wéi ee Stelleväert huet d'Natur- an Ëmweltbildung an der lëtzebuergescher Jugendarbecht? Wéi huelen déi Jugendlech selwer d'Natur wouer? Wéi eng Usätz ginn et, fir eng proaktiv Offer am Natur- an Ëmweltberäich fir dës vernoléisst Zilgrupp unzebidden?

Eng Analyse vun der aktueller Situatioun a Lëtzebuerg a Léisungsusätz fir eng opsichend Naturerfahrung an Ëmweltbildung.

Teilnahme oder Teilhabe?

Carmen Graff

Natur- a Wildnispedagogin, Éducatrice diplômée

Martijn de Munnik

Éducateur gradué

Ëmmer erëm taucht am pedagogeschen Alldag de Begrëff „Participatioun“ op. D'Essenz dovun ass awer net ëmmer ganz kloer, soudass déi praktesch Ëmsetzung vun engem erfollegräichen Outdoor-Projet oft méi schwéier ass ewéi geduecht. Wat genau ass dann elo „Participatioun“ a wéi geléngt mir e laangfristegen Erfolleg fir déi demokratesch Matgestaltung a menger Aarbecht vun Indoor-souwéi Outdoorprojeten?

Dës a weider Schlüsselementer vun de Fräiheeten a Grenze ginn an dësem Virtrag kuerz belicht.

Projet Outdoor Camp

Corinne Lentzen

Éducatrice diplômée




Kris Clees

M.A. Abenteuer- und Erlebnispädagogik,
Geschäftsführer bei Natur, Bewegung, Entwicklung sàrl-s




An Zesummenaarbecht mam Erlebnispädagog Kris Clees huet de Service elisabeth Jeunesse de Projet Outdoor Camp lancéiert. Déi Jonk sinn der Natur méi no komm, andeems si spannend Outdoor-Aktivitéiten erlieft hunn an hiren eegene Camp vun 3 Deeg organiséiert hunn. Och goufen digital Medie kreativ agesat a fir Teambuilding genotzt.

Am Virtrag ginn d'Entsteeung an den Oflaf vum Projet beschriwwen an et gëtt erkläert, wéi eege Projeten dobaussen op den Erfarunge vun dësem opbaue kënnen.

Workshops Mariendall

	Centre Mariendall Rue de Keispelt L-7411 Marienthal
	Workshop A 13h30 - 15h30
Carol Streff	Dare to eat wild: Wat wiisst Leckerer virun der Dier? Abléck an d'Kraiderpädagogik
Pierre Ney & Elisabeth Binck	Trendsportarten Urban Sports
Sarah Melmer	Märjendaller Mysterium Outdoor Escape Games
Chelsea Reuter	Foto-Outdoorprojet Perspektivewiessel
	Workshop B 15h45 - 17h45
Carol Streff	Dare to eat wild: Wat wiisst Leckerer virun der Dier? Abléck an d'Kraiderpädagogik
Pierre Ney & Elisabeth Binck	Trendsportarten Urban Sports
Sarah Melmer	Märjendaller Mysterium Outdoor Escape Games
Chelsea Reuter	Foto-Outdoorprojet Perspektivewiessel

Workshops Huelmes

	Centre Huelmes Rue du château L-7435 Hollenfels
	Workshop A 13h30 - 15h30
Carmen Graff	Opootmen an der Natur Liewen.Fillen.Erliewen
Claude Fries	Go wild !
Kris Clees	Naturerfarung(en) mat Jugendlechen: Interaktiv de Bësch entdecken
Julie Bové Bob Schimberg Philippe Berscheid	Nohaltegkeet a Scoutismus
	Workshop B 15h45 - 17h45
Carmen Graff	Opootmen an der Natur Liewen.Fillen.Erliewen
Claude Fries	Go wild !
Kris Clees	Naturerfarung(en) mat Jugendlechen: Interaktiv de Bësch entdecken
Julie Bové Bob Schimberg Philippe Berscheid	Nohaltegkeet a Scoutismus

Workshops

Mariendall



Dare to eat wild: Wat wüsst Leckeres virun der Dier?

Abléck an d'Kraiderpädagogik

Carol Streff

Kraiderpädagogin, Éducatrice graduée

Presentatioun vu liicht erkennbare Planzen, déi een a sengem noen Ëmfeld (och urban) fanne kann an einfach zu enger leckerer Moolzecht veraarbechte kann. Virbereedung vun engem Gedrénks an engem Snack.

Zil: Planzen anescht kenneléieren.
Ethnobotanescht Wësse vermëttelen.
Wéi kann een d'Planzewelt opwäerten?
Wëllt Kraut ass keen Onkraut.

Trendsportarten – Urban Sports

Pierre Ney & Elisabeth Binck

Chargés de mission
Sport Erliwen - Base Nautique Lëlz

Dir sidd op der Sich no neien Trendsportarten, déi ganz einfach an de Jugendstrukturen ëmgesat kënnen ginn? Frisbee (Ultimate an Discgolf), Spikeball a Slackline kennt dir an deem Workshop ausprobéieren.

Theorie a Praxis vun Urban Sports nom Motto „Sport dobaussen erliwen“.

Märjendaller Mysterium Outdoor Escape Games

Sarah Melmer

Responsable programmes éducatifs
Centre SNJ Marienthal

Wéi kann een ouni héichprofessionell Location an ouni High-Tech-Konstruktiounen trotzdeem e flotten Escape Game fir Jonker opbauen?

Entdeckt an deem Workshop kniwweleg Rätselen aus de Märjendaller Escape Games a sammelt Tipps & Rotschléi fir selwer een ze erfannen.

Foto-Outdoorprojet Perspektivewiessel

Chelsea Reuter

Freelance Mediafactory Marienthal

D'Natur bitt ganz vill Méiglechkeete fir schéi Fotosprojeten ze realiséieren. Dëse Workshop weist iech, wéi ee mat engem iPad a Superheldefiguren de Prinzip vun der Perspektiv vermëttelen kann a wéi ee Biller manipuléiert. Sou kënnen déi Jonk ënnerschiddlech Perspektive kenneléieren, an der Natur kreativ ginn a Biller kritesch hannerfroen.

Vir des Aart vu Bildmanipulatioun brauch ee weder ee Greenscreen nach eng extra Software.



Workshops

Huelmes

Opootmen an der Natur Liewen.Fillen.Erliewen

Carmen Graff

Natur- a Wildnispedagogin, Éducatrice diplômée

De bëssen anere Besuch am Bësch, bei deem ee säi Bléckwénkel ännert – sech äerden, duerchootmen, den eegene Kierper wouerhuelen, fir sou d'Sënner fir Neies ze schäerfen an hir Sensibilitéit ze fërderen, awer och fir Kraaft aus der Natur ze tanken.

An enger ganz rasanter Zäit ass et wichtig, heiansdo Geschwindegkeet erauszehuelen an duerchzeootmen. Einfach SINN. Déi mental Gesondheet a Stäerkt fërdert d'Selbstbewusstsein, steigert déi eege Produktivitéit an domat och d'Zefriddenheet mat sech selwer a senger Ëmwelt.

An dësem Workshop steet d'Wuelbefanne vum Jugendlechen an d'Verbonnenheet zur Natur am Virdergrond.

Go Wild!

Claude Fries

Wildnispedagog, Gründer vu Wildnis asbl

An dësem Workshop gitt dir gewuer, wat Wildnispedagogik ass an dir héiert e puer ganz praktesch Beispiller, wéi een dat mat Jugendleche kann ëmsetzen. Ausserdeem gitt dir gewuer, wat een onbedéngt vu Material brauch fir flott Aktivitéiten dobaussen ze maachen.

Traditionell maache mir dat beim Lagerfeier, wat mir natierlech fir d'éischt emol mussen ukréien... an zwar ouni Fixfeier an ouni Briquet.

Eis Belounung léisst dann och net op sech waarden a mir kachen deen een oder anere kleng Snack.

Nohaltegkeet a Scoutismus - FNEL

Julie Bové, Commissaire générale

Bob Schimberg, Commissaire à la formation

Philippe Berscheid, Secrétaire général adjoint

Bei de Scoute gëtt vill Wäert op Nohaltegkeet an de Respekt vis-à-vis vun eiser Ëmwelt geluecht. An dësem Workshop kritt dir unhand vu praktesche Beispiller Reflektiounspisten an Iddie fir nohalteg naturpedagogesch Aktivitéite mat Jonken, wou och déi digital Medien net ze kuerz kommen.


Naturerfarung(en) mat Jugendlechen – Interaktiv de Bësch entdecken

Kris Clees

M.A. Abenteuer- und Erlebnispädagogik,
Geschäftsführer bei Natur · Bewegung ·
Entwicklung sàrl-s

Den Naturraum am Allgemengen, an deemno och de Bësch, bitt ganz vill Erfahrungsméiglechkeete fir Persounen vun all Alter. Och mat Jugendleche loosse sech am Bësch vill verschidden Aktivitéiten ëmsetzen, fir hinnen d'Natur op eng interaktiv Aart a Weis méi no ze bréngen.

Am Kader vum Workshop kritt dir, unhand vun Aktivitéiten, déi sech ouni grouse Materialopwand am Bësch mat Jonken ëmsetze loosse, ee klengen Abléck an de Beräich vun der Natur-/Erliefnespedagogik.



Informationen zum Oflaf vun de Workshops

D'Workshops fannen op zwou verschiddene Plaze statt. Bei der Umeldung fir déi zwee Workshops sollt dir iech fir eng vun de Plazen entscheiden.

E Shuttle-Bus bréngt déi, déi sech fir d'Workshops zu Huelmes ugemellt hunn, op Huelmes an nees zeréck.

D'Workshops fanne bal all dobausse statt, denkt dofir w.e.g. drun, iech dem Wieder entspriechend ze kleeden an Trëppelschong unzedoen, déi knaschteg kënne ginn.

Wann et staark reene sollt, ass en Ënnerdaach virgesinn.



Informationen

zum Ablauf von der Journée



COVIDCHECK

D'Journée Outdoor Jeunesse wäert ënnert de Covid-Check-Bestëmmungen organiséiert ginn. Denkt w.e.g. drun, ären Impfpass, Certificat de rétablissement oder negativen PCR-Test bzw. verifizéierte Schnelltest matzebréngen. Wann dir während der Umeldung uginn hutt, dass dir ee Schnelltest sur place wéilt maachen, hu mir dëse fir iech virgesinn.

[CovidCheck Certificat](#)



UMELDUNGEN


D'Umeldunge lafe bis de **07. Oktober 2021** iwwert folgende [Link](#).

Wichtig: Fëllt w.e.g. ee Formulaire pro Participant aus! D'Journée ass gratis a gëtt als Formation unerkannt. Fir d'Présencestonnen (8,5 Stonnen) zertifizéiert ze kréien, muss een un der ganzer Journée Outdoor deelhuele.



MËTTEGIessen

Et gëtt e Mëttegiessen um Site ugebueden. D'Onkäschte belafe sech op 10,50€ (Entrée – Plat – Dessert). D'Reservatioun vum Mëttegiessen leeft iwwert den Umeldungsformulaire. No der Journée kritt dir d'Facture zougeschéckt.





TRANSPORT

E Bustransport vu Miersch an de Mariendall an zeréck ass organiséiert.

Urees : Den Départ vum Bus bei der Mierscher Gare ass um 8h10 a beim Centre Aquatique Krounebiérg um 8h20.

Réckrees : De Bus fiert aus dem Mariendall um 18h00 fort a kennt um 18h10 beim Centre Aquatique Krounebiérg an um 18h20 bei der Mierscher Gare un.

